N°1006
Entrée le 09.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°1006 vum 15. Juli 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend den « plafond légal du loyer ».**

Fro 1

De Locataire kann d'Informatiounen zum Capital investi vu senger Mietwunneng nëmme beim Proprietär froen, well nëmmen hie weess, wat an d'Wunneng investéiert ginn ass, respektiv op wéi e Montant seng Mietwunnung evaluéiert ginn ass.

Wann keng Beweiser do sinn oder de Proprietär keng virleeë wëll, kann de Locataire selwer de Capital investi duerch en Expert evaluéiere loossen, oder dem Proprietaire virschloe fir eng Expertise zesumme maachen ze loossen. Dëst kann och am Kader vun enger Demande virun der Loyerskommissioun oder dem Friddensriichter gefrot ginn.

Fro 2

D'Loyerskommissioun kann sech duerch en Expert assistéiere loossen (Artikel 9 vum Loyersgesetz vun 2006). An deem Fall mussen d'Käschte vun enger Expertise vum Capital investi vum Demandeur virgestreckt ginn. D'Käschte vun der Expertise ginn da spéider an der Prozedur tëschen de Parteie ventiléiert. D'Loyerskommissioun kann och direkt de Proprietär opfuerdere respektiv recommandéieren, fir esou eng Expertise maachen ze loossen, wann hien der Loyerskommissioun keng Beweiser virleeë ka fir de Capital investi kennen ze rechnen.

Fro 3

Eng Äntwert op dës Fro gëtt et am Moment nach net. Déi wëssenschaftlech Analyse ass nach am gaangen.

Fro 4

D'Regierung huet keng Kenntnis dovunner, wéi vill Loyeren den Deckel vu 5% net respektéieren.

Déi aktuell Formel fir de Loyersdeckel ze rechnen ass ze vill komplex, fir kënnen iwwer den administrative Wee oder iwwer eng Enquête festzestelle wéi vill Loyeren dësen Deckel net respektéieren.

Dëst ass ee vun de Grënn firwat un enger Reform geschafft gëtt.

Lëtzebuerg, de 09/08/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.gouvernement.lu/mlog
www.logement.lu